## Evangelium vum 2. Sonndeg C
## Joh 2, 1-11

## {{{KONTEXT}}}

Mer stinn hei um Ufank vum Joh-Evangelium, dee gegliddert ass wéi eng Woch, wahrscheinlech als Uspillung un d'Woch aus der Schëpfungserzielung a Gen 1, 1-2, 4a : a Joh 1, 1-18 liese mer de sougenannte Prolog, d'Aféierung ; duerno, vu Joh 1, 19-2, 12 kréie mer aus dëser (Nei-Schëpfungs-) Woch verzielt : « Den Dag drop » = Joh 1, 29.35.43 + den 3. Dag (ass net am liturgeschen Text iwwerholl). « Den drëtten Dag » erënnert d'Chrëschten awer och direkt un d'Operstéiung.

Déi sougenannten « Hochzäit zu Kana » huet kee Paralleltext bei de Synoptiker (Mt, Mk, Lk) ; et geet hei ëmt dat éischt *Zeechen* (wuertwiertlech Joh 2, 11 « als Ufank vun sengen Zeechen »), dat de Jesus setzt ; dës Erzielung funktionéiert wéi eng Jarnéier tëscht dem Zeegnes vum Johannes dem Deefer an deenen éischte Jünger + deem zweeten Zeechen, dat de Jesus och zu Kana mécht (Joh 4, 43ff) : beim Joh weisen d'Zeechen iwwert sech eraus op de Jesus, se wëlle kloer maachen, datt am Jesus d'Endzäit ugefaangen huet an si wëllen erklären, wien hien ass. An dat hei, direkt zu ugangs vu senger Missioun.

E Wuert zum « Maria » : am Joh kënnt dem Jesus seng Mamm nëmmen zweemol vir, hei zu Kana a beim Kräiz. A Joh 2, 1, cf. 19, 25 geet Rieds vum « Jesus senger Mamm » an de Jesus ried si u mat « Fra... » (2, 4 ; cf. 19, 27). D.h., datt wa mer just d'Joh hätten, wéisste mer net, datt dem Jesus seng Mamm « Maria » geheescht huet ! – Engersäits beschreiwt de Joh esou eng bestëmmten Distanz tëscht dem Jesus a senger Mamm, an anerersäits kann si esou eng méi eng breed Roll unhuelen, wéi « nëmmen » déi vun enger Mamm.

## TEXT

**Zu Kana a Galiläa war eng Hochzäit, ... (V. 1) :**

Eng Hochzäit konnt fir Leit, déi am juddesche Glawen doheem waren, d'Konnotatioun hu vun der Endzäit : d'Hochzäit(siessen), op dat Gott invitéiert (cf. 1. Liesung Jes 62, 1-5). **... an dem Jesus seng Mamm war drop :** « seng Mamm » gëtt virum Jesus **(V.2)** ernimmt (am V. 12 ass et ëmgedréit : si huet dem Jesus déi éischte Plaz iwwerlooss ; de V. 12 gëtt am liturgeschen Text ewechgelooss.) D'**Jünger** si vun Ufank un Zeien.

**Wéi kee Wäi méi do war, ... (V. 3) :**

« Seng Mamm » ass déi Eischt an déi Eenzeg déi mierkt, datt kee Wäi méi do ass, a komescherweis seet si dem Jesus et - an net dem Bräitchemann oder dem Mann, dee fir d'Gedrénks zoustänneg war.

**Du sot de Jesus zu hir : « Wat hunn ech mat dir ze doen, Fra ? Meng Stonn ... . » (V. 4) :**

Wuertwiertlech « wat fir mech a fir dech ? » ; kënnt an den Evangelien nach vir a Mt 8, 29 (am Pl) ; Mk 1, 24 ; 5, 7 ; Lk 4, 34 ; 8, 28. Dat ass eng biblesch (aramäesch) Ausdrocksweis fir ze weisen, datt een net averstanen ass, resp., datt een näischt wëllt mat engem ze dinn hunn oder sech op engem aneren Niveau gesäit (cf. Ri 11, 12 ; 2Sam 16, 10 ; 19, 23 ; 1K 17, 18). Hei kéint dat bedeiten, datt de Jesus an dat, wat hie mécht sech op engem anere Niveau situéieren, wéi dem Wäin op enger Hochzäit ; hei geet et ëmt méi, an seng Mamm schéngt dat nach net richteg verstanen ze hunn. - D'Uried « **Fra** » ass déi Zäit normal gewierscht, zëmools an der hellenistescher Welt, wann een eng Fra ugeried huet (cf. 4, 21 ; 8, 10 ; ...) ; dës Uried ass net respektlous, just komesch, well de Jesus sech hei jo awer u seng Mamm adresséiert. Hei gëtt da gäre gesot, « seng Mamm » géif, duerch dës Uried, kënnen d'Mammeroll sprengen ; si wier hei dann d'Bild, d'Symbol vun der chrëschtlecher Gemeinschaft, déi sech vertrauensvoll un de Jesus riicht. (A Joh 19, 25.27 ass et dann ëmgedréit d'Fra déi Mamm gëtt.) – Iwwert dese Vers ass scho vill geschriwwe ginn ; mee, eegal, wéi een et dréint, et kann ee kaum mat leschter Sécherheet soen, wat de Joh geméngt huet. – **Meng Stonn ass nach net komm** (grammatesch och méiglech : « Ass meng Stonn net do ? »), d'Stonn, wou de Jesus, am Joh senge Wieder, verherrlecht gëtt, d.h. d'Stonn vun der Passioun ass nach net do. – Et schéngt es wéi wann de Jesus a seng Mamm laanschtenee schwätze géifen.

**Seng Mamm sot zu den Dénger... (V. 5) :**

Seng Mamm äntwert net dem Jesus, ma, si gëtt den Dénger en Uerder, deen hiirt Vertrauen an de Jesus weist ; si behëlt sech wéi d'Vollék Israel (cf. z. B. Ex 19, 8 ; 24, 3.7) – a wéi eng chrëschtlech Gemeinschaft sech behuele sollt. – Elo huet de Jesus d'Autoritéit.

**Et stounge sechs stenge Waaserkréi do, wéi ... Dat hunn si gemaach. (Vv. 6-8) :**
Am Ganze geet et hei ëmt 6x80-100 Liter, d.h. 480-600 Liter, wat weise soll, wéivill de Jesus gëtt. Elo ass awer 7 d'Ziffer vum Ganzen, vun der Totalitéit ; et feelt also ee Krou an deem d'Waaser zu Wäin géif ginn. Hei gëtt dann dacks op d'Zeen um Golgotha verwisen (et gëtt vill parallel Elementer : dem Jesus seng Mamm, Fra, d'Stonn, d'Waasser, de Wäin/d'Blutt) als dee 7. Krou fir d'Rengegungen. Mee, opgepasst : de Jesus seet den Dénger, si sollen aus dëse (juddesche) « Rengegungskréi » schäffen (d.h. si hunn e Sënn). Also muss een, éier een dat a Wäi verwandelt Waasser drénke kann, muss een aus dëse (juddesche) Rengegungskréi schäffen.

**Nodeems de Mann, dee fir d'Gedrénks zoustänneg war, d'Waaser geschmaacht hat, dat ... Du awer hues dee gudde Wäi bis elo versuergt ! » (Vv. 9-10) :**

Hei ass e Beispill vum Joh senger Ironie : deen, dee wësse misst, weess net, an deen, deen net wësse misst, dee weess. D'Dénger wësse méi, wéi deen, dee fir d'Gedrénks zoustänneg ass. – De Bräitchemann gëtt nëmmen eemol ernimmt. Vun der Braut geet iwwerhaapt net Rieds. Eléng schonn doduerch kréie mer gewisen, datt et hei ëmt méi geet, wéi ëmt eng einfach Hochzäit. An net d'Brautleit stinn am Zentrum, ma de Jesus. – An **de Wäin** ass **gutt**, mee, deen, dee fir d'Gedrénks zoustänneg ass, adresséiert sech un dee Verkéierten (de Bräitchemann, dee vun näischt weess) ; u sech huet de Jesus d'Roll vum Bräitchemann iwwerholl (cf. V.10)

an als Bräitchemann gëtt hien, e bësse méi wäit (Joh 3, 29), vum Johannes den Deefer duergestallt.

**Dat hei huet de Jesus zu Kana a Galiläa gemaach als Ufank vun sengen Zeechen. Esou ... (V. 11) :**

Bei de Synoptiker gëtt d'Wuert « Zeechen » just gebraucht fir déi wierklech grouss Unzeechen, déi weisen, datt de Messias kënnt (cf. Mt 12, 38 ; 16, 1-4 ; Mk 8, 11-12 ; ...) ; de Joh knëppt éischter u mam A.T. (z. B. dem Is), wou d' « Zeechen » symbolesch Geste sinn, déi iwwert sech eraus op de Messias Jesus weisen an hien « erklären ». – Esou ass et méiglech ze soen, datt d'Ëmwandlung vum Waasser a Wäin zu Kana hiweist op d'Passioun (cf. z. B. V. 6) an domadder op den Iwwergang vum alen zu dem Herrgott sengem neie Vollek.